D'LNB iPad Gesetzer

- **Ech passe ganz gutt op mäin iPad, de Pencil an d'Tastatur op.** Souwuel an der Schoul wéi och doheem. Ech verléiere meng Accessoire net.
- **Ech si responsabel fir alles** wat mat mengem iPad passéiert. Ech respektéieren d'one2one Charta an dës Reegelen. am Fall vun engem schlëmme Feelverhalen kann ech den iPad ewech geholl kréien.
- **Ech vergiessen meng Usernimm a Passwierder** fir déi verschidden Déngschter **net** (IAM, Office 365, Schoul-Apple-ID, EduRoam, asw.)
- **Mäin iPad ass all Mueren um 8h00 voll gelueden** a prett fir domat ze schaffen.
- **Wann ech an der Schoul sinn, benotzen ech den iPad just am Klassesall oder an der Bibliothéik.** Ech benotzen en net am Gewulls um Gank, net an der Cafeteria an net am Schoulrestaurant.
- **Ech benotzen am Cours just déi Apps an Internet-Säiten, déi mäi Proff gesot huet** (kee Facebook, kee Youtube oder Internetspiller am Hannergrond etc).
- **Ech filmen a fotograféieren näischt an huelen näicht op, zou deem ech net berechtegt sinn**, an ech verbreede Fotoen a Filmer an Toun och net virun. Ech respektéieren d'Rechter um Bild.
- **Ech passen och gutt op meng Donnéeën op** a späichere méiglechst alles an der Cloud.
- **Tëscht de Stonne läit den iPad am Rucksak. Och wärend de Stonnen ass den iPad just op der Bänk wa mir domat schaffen.** Ech muss net um Ufank vun all Stonn opgefuerdert ginn, mäin iPad auszemaachen an ewechzeleeën, wann net domat geschafft gëtt.

Learn - Network - Build - Develop

LYCÉE NIC-BIEVER Dudelange

one2one
classes mobiles et connectées

ipads@lnbd.lu